1904 - 2004

# Chorale Ste Cécile

Suessem

# Suessemer Duerfbeschass an de 50er Joeren

De "Peckvillchen" - Paresen Albert - mam richtege Numm Albert Simon (1902-1956) - war Karikaturist. Hien huet fir d'Tageblatt d'Aktualitéit am Bild kommentéiert, hat awer och eng flénck Fierder wann et drëm goung, de Suessemer Beschass zu Pabeier ze brengen.

Dat wat 1952/1953 Duerfgespréich war, fennt én op enger gemoltener Plackat - déi den Titel dréiht: "Suessemer "Revue" - Eng kleng Moritat - Beiluecht fir d'Kavalkad". Ënnen op der Plackat steet dann: "Konzert an Maskenbal haut de Nowend beim Leysen-Thill um 8 Auer". D'Reklammeplackat huet eng 150 op 80 cm an hänkt haut bei der Famill Morang-Biver am Gank.

Hei gin elo di eenzel Szene, der Rei no - wéi se op der Plackat sinn - gewiesen an explizéiert: am Ganze sinn et der 11 - et goufen der 8 ausgewielt. Si dokumentéieren engersäits dem "Peckvillche" säi Stil, sinn awer och de Spigel vun deem, wat viru 50 Joer zu Suessem lass war.




Hei geseit ee Wäissgierwesch Thief (Théophile Leysen), e Wirt, denn op der Schmelz geschafft huet. Fir Suen ze spueren, ass hien och am Wanter mam Vëlo schaffe gefuer an huet de Bus net geholl. ("De Lentz" war de Virgänger vun der heiteger Busentreprise "Sales-Lentz")




Dësen Engel mam décke "Fussballskapp" karikaturéiert de Suessemer Fussball. Deen huet deemools - emsoss - dervu gedreemt, de "Scholer Preis" ze wannen: dat war e Präis, deen d'Geschäft "Monopol Scholer" fir de Fussballchampionnat gestëft hat.




D'Beem, d'Huesen an d'Kaweechelcher hu - wéi et schéngt - an deem Joer gekrasch, wéi ee vun den décke Beem um Wee bei d'Schlass ëmgehae gouf.



DE LENTZ ASS FORT....

Mierge Lé (Léon Goergen) huet op der Schmelz geschafft, koum awer - wéi et schéngt - moies net gutt op, esou dass hien dacks zu Fouss huet misse goen, well "De Lentz" scho fort war.




- DO'T ASS NÖMEN DEN, DEN VERGIESS ASS.

War dat heien d'Gebuert vun der Ëmweltbewegung? Op alle Fall war et e Protest dergéint, dass deemools, a kurzer Zeit, direkt drei Bescher ronderëm Suessem ëmgehae goufen: den "Hânebösch", de "Sche'nk a Gro'ssebösch" an de "Scheierbösch".




DE KANTUNJÉ VUN ZOLVER
HÄLLT OP ECHT KATZENAUGEN"
OP DER SUESSEMER LAUNDSTROSS




1953 gouf d'Kierch vu Grond op renovéiert. A si war - an den Ae vum "Peckvillche" - ganz houfereg doriwer.




..DIE HIMMELSLEITER -
— ET GÄT ÖMMER ME'HE'CH.—

Di Suessemer Musek war op de Concours: de "Peckvillchen" huet fonnt, do wier no de Stäre gegraff gin, hien huet ee Musikant - Roth's Mett - gewiesen, deen héich geklommen ass.

An de 50er Joeren goufen di éischt Katzenae lanscht d'Stross opgeriicht, de "Peckvillchen" huet dat op seng Manéier esou interpréteiert.

*Alphonse Morang - Sophie Morang*